N°1695
Entrée le 16.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1695 vun der éierbaren Deputéierten Stéphanie Weydert**

- **Leien d'Resultater vun der Autopsie mëttlerweil vir?**
  **Wa jo, kënnt Dir eis déi matdeelen an d'Ursaachen, un deenen den Hond gestuerwen ass?**

  Jo, souwuel d'Resultater vun der Autopsie wéi och vun der Toxikologie leie mëttlerweil vir.
  Di postmortal Ënnersichung huet en hämorrhagescht Phänomen erginn, zesumme mat enger schwéierer gastrointestinaler Bluddung an enger staarker Deshydratatioun.
  Bei der toxikologescher Ënnersichung si Spuere vun Antikoagulantien an der Liewer vum Hond fonnt ginn. Bei dëse Substanzen handelt et sech em Gerinnungshemmer, déi an de Produits vu Raten- a Mausgëft ze fanne sinn, de sougenannte Rodentiziden. Bei enger Expositioun zu sou enger Substanz mat enger net déidlecher Dosis kann et zu Bluddunge kommen, wat zu enger allgemenger Schwächt vum Organismus féiert an eng Sekundärinfektioun begënschtegt.
  Duerch di mikrobiologesch Ënnersichung konnt e Bakterium an der Mëlz vum Hond nogewise ginn. Dëse Bakterium befënnt sech virun allem am Buedem, kann awer opportunistesch ginn, wann duerch Ofschwächung vum Kierper eng Méiglechkeet besteet, an dëse ranzekommen.
  Den Hond ass letztendlech un engem multifaktorielle Geschéie gestuerwen: d'Schwächung vum Kierper duerch d'Opnam vun den Antikoagulantien an d'Dehydratatioun hunn der Bakterie eng Meiglechkeet gi fir de Kierper ze befalen an op fatal Aart a Weis zum Krankheetsprozess bäizedroen.

- **Wat wëll d'Madamm Ministesch un de bestoende Gesetzer upassen, fir ze verhënneren, datt et an Zukunft nach eng Kéier zu esou engem Virfall an enger Déierepensioun kënnt?**

  D'Déiereschutzgesetz gesäit eng Autorisatioun fir all Déierepensioun hei am Land vir. Déi Prozedur beinhalt och am Virfeld eng Kontroll op der Plaz. Dës Konditioun war an dësem Fall net erfëllt.
  Et muss een sech awer bewosst sinn, datt dat beschten Déiereschutzgesetz, an an deem Kader och eng Autorisatioun, net all Virfall ka verhënneren. D'Leit mussen sech hirer Verantwortung an deem Beräich wou se schaffen, hei mat Déieren, bewosst sinn.
  Et ginn dat ganzt Joer iwwer bal all Dag Kontrollen am Beräich vum Déiereschutz gemaach. Déi Kontrolle goufen a ginn och ëmmer nach weider ausgebaut, sou wäit wéi dat méiglech ass, v.a. am Hibléck op déi zur Verfügung stehend Ressourcen/Main d'oeuvre.

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN